



**ERAN, ERAUS**  
**.. AN ELO?**

eran, eraus ... an elo ?  
9a boulevard prince Henri  
1724 Luxembourg  
eran-eraus-an-elo@eran-eraus-an-elo.org  
Matricule : 2020 61 01718 / LBR: F12872

## **Communiqué de presse** **31/08/20**

Madamm, Monsieur,

Am RTL-Telé Reportage vum 27/08/20 mam Titel „VISITT VUM SCHANTJEN - Am Hierscht 2022 soll de Prisong zu Suessem a Betrib goen<sup>1</sup>“ ginn e puer Saache gesot mat deene mir als ‚eran, eraus ... an elo?‘ asbl net averstane sinn.

❶ Am Reportage heescht et: (...) *Domadder soll Lëtzebuerg endlech déi international Standarde vum Strofvollzuch erfëllen, deenen no Condamnéierter an Untersuchungshäftlingen net sollen an de selwechte Strukturen agespaart ginn. (...)*

→ An dëser Reportage gëtt dann awer direkt wieder gesot, dass des international Standarde just fir déi männlech Prisonnéier solle gëllen an net fir déi weiblech : ‚*Fir besser op déi zwou verschidde Gruppe Prisonéier anzegoen, ginn d’Untersuchungshäftlingen, exklusiv d’Männer, vun Enn 2022 an de Prisong Uerschterhaff verluecht.*‘

Esou steet och an enger Äntwert<sup>2</sup> vun der Justizministesch op eng ‘*question parlementaire*’ vum Marc Baum vum 27/08/2020 : ‚*Au CPU il n’y aura pas de blocs réservés aux femmes alors que celles-ci resteront incarcérées au CPL.*‘

An dësem Kontext wëllen mir aus dem Rapport de visite<sup>3</sup> vum Ombudsman – contrôle externe des lieux privatifs de liberté vum 06/12/2017 Folgendes zitieren : ‚(...) *le Médiateur a eu connaissance qu’il n’est pas prévu de transférer les femmes prévenues au CPU. Le Médiateur se demande s’il ne s’agit pas d’une différence de traitement et d’une discrimination difficilement justifiables.* (...)‘



eran, eraus ... an elo? stellt fest, dass des internationale Standarde fir 50% vun der Bevëlkerung net wäerte gëllen.

❷ Am Reportage heescht et: (...) *3 Stonnen den Dag wäert all Sektoun fräien Accès op den Haff um Daach hunn ... dat heescht si hunn immens vill Beweegungsfräiheet hei wat eng Erneuerung ass och zu Lëtzebuerg, dass Prisonéier net nëmmen an hirer Zell agespaart sinn 23 vu 24 Stonne mee si sech de ganzen Dag beweegen ënnert sech (...)*

→ Am CPL sinn d’Zellen net 23 vu 24 Stonnen zou – et ass ee grouse Pluspunkt vun der Organisatioun vum CPL, dass d’Zelle bis zu 6 Stonnen den Dag opgespaart sinn an, dass all Persoun am Prisong sech kenn fräi op sengem Gank beweegen.

<sup>1</sup> <https://www.rtl.lu/news/national/a/1571027.html>

<sup>2</sup> [www.chd.lu](http://www.chd.lu)

<sup>3</sup> <http://www.ombudsman.lu/uploads/RV/RV16%20-%20Rapport.pdf>



eran, eraus ... an elo? kenn also net averstanen si mat der Ausso aus dem Reportage, dass et sech heibäi em eng Erneuerung zu Lëtzebuerg handelt.

→ Am CPL ginn et puer *'normal'* Häff wou d'Prisonéier sech ënnert fräiem Himmel kenne beweegen – am Reegelfall 1 Stonn pro Dag an elo a Covid-Zäiten 2 Stonnen den Dag. Esou ee Spadséiergang ënnert fräiem Himmel gëtt vu ville Prisonéier als ganz wichteg empfongt. Ze Bemierken ass och nach, dass et am CPL ee Fussballterrain *,en plein air'* gëtt, wou am Summer Mol genotzt ginn ass.



eran, eraus ... an elo? well bemierken, dass et sech em den Haff am CPU em ee Käfeg handelt deen op den Daach vun de Gebaier gesat gëtt. Den Androck aus der Reportage, dass et sech hei em eng Verbesserung handelt, kenne mir net deelen.



eran, eraus ... an elo? wíelt gären wëssen ob et stëmmt, dass Persounen am CPU sech kennen de ganzen Dag ënnert sech beweegen, sou wéi et an der Reportage gesot ginn ass?

③ Am Reportage heescht et: (...) *eng ganz Léier wéi zu Schraasseg wäert um Uerschterhaff net ugebuede gi vu que dass déi meescht Untersuchungshäftlingen net esou laang bleiwe wäerten (...)*

→ Am CPL ass et theoretisch méiglech eng Formatioun an engem Atelier ze maachen. Esou Formatioune sinn och bis virun puer Joer ugebueden ginn, a waren ee grouse Pilier fir d'Reinsertioun. Bis haut konnt nach keen eis trëfteg Grënn ugi firwat elo säit Jore keng esou *,formation qualifiante'* méi ugebuede ginn.

Esou steet och an enger Äntwert vum deemolege Justizminister Felix Braz op eng *'question parlementaire'* vum Gilles Baum a Claude Lamberty vum 02/06/2017: *'Des formations professionnelles conduisant à un diplôme d'aptitude professionnelle (DAP) ou à un certificat de capacité professionnelle (CCP) ne peuvent être offertes actuellement au CPL.'*



eran, eraus ... an elo? kenn also net averstanen si mat der Ausso, dass aktuell am CPL eng ganz Léier an engem Atelier ugebuede gëtt.

④ Am Reportage heescht et: (...) *et misst een dovunner kennen ausgoen, dass eng kriminell, net ze komplex Affär, misst an 2 Joer kenne gereegelt ginn. Et kennt natierlech dobäi Appell oder net Appell a kennt dobäi wéi de prévenu elo mat den autorités judiciaires schafft (...)*

→ Am Reportage gëtt also vu minimum 2 Joer geschwat bei enger net komplexer *,affaire criminelle'*. Duerch een Appell wäert des Lafzäit sech em 1 Joer verlängere – dann si mir schonns bei 3 Joer. Natierlech ass bei all bëssi méi komplexer Affär d'Lafzäit (ouni Appell) éischer 3 bis 4 Joer wéi 2.

Konkret heescht dat, dass den Untersuchungshäftling vun enger krimineller Affär minimum 2 Joer am CPU wäert op säi Prozess waarden – hien kenn also weder schaffe<sup>4</sup> goen nach eng *,formation qualifiante'*<sup>5</sup> maachen.

<sup>4</sup> Règles pénitentiaires européennes : 26.2 Les autorités pénitentiaires doivent s'efforcer de procurer un travail suffisant et utile.

<sup>5</sup> Règles pénitentiaires européennes : 26.5 Un travail incluant une formation professionnelle doit être proposé aux détenus en mesure d'en profiter et plus particulièrement aux jeunes.



eran, eraus ... an elo? bedauert, dass et net méiglech wäert sinn am CPU an engem Atelier ze schaffe resp. eng Léier ze maachen.



De Ministère de la justice sollt sech, zesumme mam Ministère de l'éducation a mam Ministère du travail, Gedanke maache wéi een Ausbildungen an Aarbechtsplazen am CPU kenn schafen. Et ass sënnvoll, dass mat der Reinsertioun vum Prisonéier esou séier wéi méiglech ugefaange gëtt, an dass een net 2 bis 3 Joer verléiert.

Et ass wichteg dem Prisonéier fir spéiderhin eng reell Alternativ zur Kriminalitéit ze bidden, nëmmen esou ass et méiglech de ‚taux de récidive‘ laangfristeg no ënnen ze drécken.

**eran, eraus ... an elo?**